N°2997
Entrée le 11.11.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 2997 vum honorabelen Deputéierte Paul Galles**

1. **Kann den Här Minister bestätegen, datt et am Lycée Belval en akute Problem gëtt,wat d'Stageplaze fir d'Schüler vun den ieweschte Klassen ugeet? Wa jo, wéi vill Schüler sichen nach ëmmer no enger Plaz?**

Et ass richteg, datt am Lycée Bel-Val am Ufank vum Mount Oktober eng Rei vu Schülerinnen a Schüler nach keng Stageplaz fonnt haten. Mëttlerweil huet d'Situatioun sech awer gekläert, ënner anerem doduerch datt den éischten Deel vum Stage op der 2e GED zäitlech no hanne geréckelt gouf an d'Stagë vun de verschiddene Klassen sech elo net méi iwwerschneiden.

Fir all Schüler ass deemno eng Stageplaz disponibel.

2. **Kann den Här Minister bestätegen, datt vill kleng Organisatioune keng Stageplazeméi ubidden?**

Wat d'Participatioun vu klenge Strukturen ugeet, kann een net vun engem Réckzuch schwätzen. Vill kleng a mëttelgrouss Organisatioune stelle weiderhi Stageplazen zur Verfügung a weisen sech engagéiert an der Formatioun vun de jonke Leit. Dës Partner si wichteg Acteuren, op déi de Ministère zielt a mat deenen eng gutt Zesummenaarbecht besteet.

3. **Handelt et sech beim Lycée Belval ëm en Eenzelfall, oder hunn och déi aner Schoule Problemer, fir genuch Stageplaze fir hir Schüler ze fannen? Wa jo, wéi vill Schüler hu Stand haut nach keng Plaz fir e Stage fonnt?**

Meng Servicer hunn aus anere Schoule keng Problemer am Beräich vun de Stage gemellt kritt.

4. **Wat gedenkt den Här Minister ze maachen, fir datt all Schüler eng Plaz fir enobligatoreschen Stage fënnt?**

Eng ganz Rei vu Moossnamen droen dozou bäi, eng héich Zuel vu Stageplazen ze garantéieren:

- Individuell Betreiung duerch d'Stagebureauen an de Lycéeën:

  D'Stagebureauen vun de betraffene Schoulen sinn um Personalplang verstäerkt ginn. Am Fall wou Schüler Schwieregkeeten hunn, eng Stageplaz ze fannen, hëlleft d'Schoul iwwert hiert Partnernetz Léisungen ze fannen.

- Zesummenaarbecht mat lokalen an nationale Partner:

  De Ministère an d'Schoulen schaffen enk mat Entreprise, Verwaltungen an anere groussen oder klenge Strukturen zesummen, fir eng héchstméiglech Offer u Stageplazen ze garantéieren.

- Sensibiliséierung vun den Institutiounen:

  D'Lycéeën organiséieren Informatiounsversammlungen, fir d'Entreprisen an d'Institutiounen op d'Wichtegkeet vum Stage als Formatiounsinstrument opmierksam ze maachen.

- Remboursement vun der Stagebezuelung:

  Stageplazen, déi ënner d'Reegelung vun der Bezuelung falen, gi vum Ministère rembourséiert, wat besonnesch fir kleng Strukture wichteg ass. Meng Servicer hunn zesumme mat de Schoule Modalitéiten ausgeschafft, fir den Entreprisen an Institutiounen en einfachen a séiere Remboursement ze garantéieren.

Lëtzebuerg, den 11. November 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH